Moukewanderung

Firwat wanderen d'Mouken?

Amphibien, zu deenen d'Mouk (oder och de Landfrësch) gehéiert, fänken hiert Liewen, als Ee an uschléissend als Larve (Kauzekapp) am Waasser un. No enger Ëmwandlung vun hirem Kierper verbréngen si de Rescht vun hirem Liewen an éischter Linn u Land a fiichte Liewensraim.
Aus dësem Grond mussen déi erwuesse Mouken am Fréijoer aus hire Wanterquartéieren (dréchen a fraschtsécher Platzen) bei d'Läichgewässer wandere fir do hier Eeër (Läich/Fräschebruck) an d'Waasser ofleeën ze kënnen. Dono mussen si dann an hier Summer-Liewensraim wanderen.

Wéini?

Wann d'Temperaturen Nuets net méi ënner 5°C falen an et nees ufänkt méi oft ze reenen erwächen d'Mouken aus hirer Kältestarre a fänken un sech op de Wee an hier Läichgewässer ze maachen, déi se oft e Liewe laang net wiesselen. Dobäi kënnen se Distanzen vun iwwer 2 km zeréckleeën.
De geneeën Zäitpunkt vun der Wanderung hänkt nieft der Joereszäit och vum Wieder of. Allgemeng kann een awer soen, dass d'Wanderungen ab Enn Februar kënnen ufänken a spéitstens Enn Abrëll eriwwer sinn. Meeschtens wanderen d'Mouken ab der Dämmerung bis kuerz viru Mëtternuecht. Wann d'Wanderung méi spéit an der Saison ugeet oder d'Mouke méi no beim Ziel sinn, wanderen se awer och ëfters Dagsiwwer.

Op der Strooss

Well hier fiicht Liewensraim duerch de Mënsch bedéngt méi kleng ginn, leien ëmmer méi oft och Stroossen op hirer Route, wou d'Mouken da mussen eriwwergoen. Während dëser Zäit heescht et also oppassen op de Stroossen!
Besonnesch fir d'Mouken ass et eng Gefor iwwer d'Strooss ze goen, well si immens lues an a grousse Gruppe wanderen. Scho bei 10 Autoe pro Stonn kënnen 30 % vun esou enger wanderender Moukepopulatioun stierwen.

Well et méi Weibercher ewéi Männercher gëtt probéieren d'Männercher sech scho virum Ufank vun der Wanderung mat engem Weibchen ze verkoppelen.

Wat ka gemaach ginn?

- An de Gemenge gi Schëlter opgestallt, fir viru Moukewanderung ze warnen.

- Et ginn temporär Stroossespären ageriicht (extrem Situatiounen).

- Et gi periodesch Zénk aus Plastiksfolie mat Eemeren opgestallt. An dësem Fall falen d'Mouken (an aner Amphibien) dann an d'Eemeren a kënnen sou op déi aner d'Stroossesäit gedroe ginn.

- Wann Stroossen frëschgemaach oder nei gebaut ginn, sollen iwwerdeems op Platze wou vill gewandert gëtt, permanent Léisunge getraff ginn, wéi z.B. d'Baue vu Moukentunnellen.

Wat kann ee selwer maachen?

Amphibië sinn e wichtegen Deel vun der Natur a spillen eng bedeitend Roll an hirem Ökosystem, duerfir heescht et Verständnis fir eng Stroossespär oder aner Mesuren ze hunn. Et soll ee lues ze fueren a mat reduzéierter Vitesse de Mouken (wann méiglech) aus dem Wee fueren. Wann ee stall hält fir hinnen iwwer d'Strooss ze hëllefen, soll een net vergiessen de Warnwinker ze setzen an eng Warnwest unzedoen. Et muss een och op Benevoler oppassen, déi sech engagéiere fir z.B. Fänkeemere vun enger Stroossesäit op déi aner ze droen.

Gesetzlechen Naturschutz a mengem Weier

Well all d'Amphibienarten a Gefor an der vill vum Ausstierwe bedrot sinn, stinn zu Lëtzebuerg all Amphibiën ënner Naturschutz. Deemno ass et och verbueden d'Mouken oder hir Eeër aus engem Weier (privat oder ëffentlech) erauszehuelen.
Et brauch een awer net ze fäerten, dass duerch d'Schütze vun den Déieren dono Millioune Mouken an engem Weier sëtzen. Si wanderen no der Läichzäit nees of a komme réischt de nächste Fréijoer zréck fir erëm do ze läichen. Déi kleng Mouken/Kauzekäpp sinn zwar zu dausenden, mä duerch natierlech Feinden iwwerliewen der vill déi éischt 4-5 Joer, bis se sech fir d'éischt kënne fortpflanzen, net.

D'Männercher klammen de Weibercher op de Réck, krämpen sech an a loossen sech dann Huckepack bis bei d'Läichgewässer droen.

Weitere Informationen und Beratung:

natur&ëmwelt

5, route de Luxembourg
Kockelscheuer
Tel: 29 04 04 - 313
berodung@naturemwelt.lu

www.naturemwelt.lu